Worldwide March for Animal Rights 2009 zu Lëtzebuerg

An eiser oft ze oberflächlecher Konsumgesellschaft denke mer meeschtens just un eist Wuel a vergiessen a benodeelegen leider déi, déi net selwer fir sech schwetze kënnen.

Eis Déieren hun och Rechter!
Leider net genuch a leider gin déi puer, wou mer hinnen zougestanen hun, emgaangen oder net agehalen.
Et as jo just en Déier!

Och Déieren hu Gefiller !
Och Déieren fillen, hu Péng, leiden… a si meeschtens dem Mensch géigeniwer nach sou loyal an ënnerwierfeg, dass se sech net emol wieren.

Mir sin am Joer 2009, am 21. Joerhonnert! En Emdenken as dréngend gefuerdert!

Mussen an eisem modernen opgekläerten Zäitalter nach Déieren mësshandelt a gequält gin? Et gin aner Méiglechkeeten fir säi Frust auszetoben ouni engem Liewewiesen wéi ze din!

Mir verfügen iwer genuch Kenntnësser a Fähegkeeten fir Tester a Reagenzglieser durchzeféieren, firwat gin emmer nach Déiere fir Versuchstester a Laboren geaffert? Ausserdem as längst bewisen, dass des Tester keng Aussokraft op d'Auswierkunge beim Mensch huet.

Eis Textilindustrie ka mëttlerweil sämtlech Kleedungsstécker aus Synthetik hierstellen. Firwat mussen emmer nach vill ze vill Dämmercher mam Pelz vun engem aarmen Déierchen spazéiere goen?

An dann zu eise Gourmetën: musse mer Fräschenhamen iessen am Wëssen, dass dësen aarmen Déiercher lieweg d'Hamen ausgerappt gin? – Musse mer „Foie gras" bestellen, wa mer wëssen, dass d'Gänsen d'Liewer mam Triichter vollgestoppt kréien? …

Iesse mer an Zukunft eis Omelett och nach genüsslech, wa mer bedenken, dass eng Legehenne nemmen 550 Quadratzentimeter Plaz am Käfëg huet?

Musse mer eis Make-up a Kosmetik kafen, déi un Déiere getest gouf? Et gin genuch präiswäert aner Kosmetikhiersteller, déi hir Produkter net un Déieren testen!

An dann hu mer nach déi Bestien ënnert eise Muppen! Och bekannt als „Kampfhond" oder mëttlerweil Lëschtenhond! Léiw Politiker, da setzt w.e.g. ALL Hond op d'Lëscht, well ALL Hond as potenziell gefëierlech, well et vun Natur aus en Hond as! Mir brauche keng Lëschtemuppen, mir brauche „qualifizéiert Muppemeeschteren/-innen", déi hir Déieren adequat ënner Kontroll hun!

Dofir a fir all aner Déiereschutz- an Déiererecht - relevant Themen trëppelen deeselwechten Daag weltwäit Déierefrënn an Déiereschützer fir d'Welt un d'Rechter vun all Déier z'erënneren.

Gidd och Dier mat eis de **Sonndeg, 4. Oktober 2009** eng Stëndchen durch d'Stad a weist der Welt, dass d'Déiererechter Lëtzebuerg net egal sin.
Treffpunkt as um halwer 2 um Glacis, a fir d'Organisatioun anzehalen gin mir um Punkt **14.00 Auer** fort.

All gudd sozialiséierte Mupp un der Léngt as wëllkomm an respektéiert w.e.g. dat aktuellt lëtzebuergescht Muppegesetz vum 9. Mee 2008!
Denkt och w.e.g. un „Doggybags" fir dee klengen Akzident ënnerwee!

Fir eis Zesummegehéieregkeet ze weisen, biede mer iech eppes **Roudes** unzedoen!

All selwergebastelt Transparenter oder Plakater zum Thema sin natierlech och wëllkomm.

Ech wëll just zum Schluss nach emol drop hiweisen, dass et sech heibäi em eng friddlech Demonstratioun handelt, mir wëllen positiv opfalen an eppes fir eis Déieren bewierken.

Fir weider Informatiounen, kënnt Dier Iech gäeren bei mir mellen:
Tania Fettes, +352 691 955 039 oder info@pet-psy-cafe.eu .